N°4090
Entrée le 13.05.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 15.05.2026
Chambre des Députés

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13. Mee 2026

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Héichschoulminister weiderzeleeden.

Déi aktuell Programmoffer vun der Uni Lëtzebuerg lëscht eng ganz Rei vu Masterprogrammer am Beräich vun de Sciences humaines op, awer kee Master „Langues, Culture, Médias – Lëtzebuerger Studien" méi, e Studiegang, deen 2009/10 agefouert gi war.

An deem Zesummenhang hunn ech follgend Froen un d'Madamm Minister:

1) Firwat gëtt de Studiegang „Langues, Culture, Médias – Lëtzebuerger Studien" aktuell net méi vun der Uni Lëtzebuerg ugebueden?
2) Kann d'Madamm Minister confirméieren, dass dëse Studiegang säit 2009 e puermol ausgesat gouf? Wa jo, aus wéi enge Grënn gouf en an de betreffende Joren ausgesat?
3) Wéi hu sech d'Zuele vun den intresséierte Studenten zënter der Aféierung vun deem Studiegang entwéckelt? Wéi gesäit d'Madamm Minister dës Entwécklung?
4) Wat ass säit der Aféierung vun deem Studiegang vu Säite vun der Regierung gemaach ginn, fir en ze promouvéieren?
5) Ass d'Madamm Minister gewëllt, de Studiegang nach emol geziilt ze promouvéieren, a wa jo, mat wéi enge Moossnamen?

Mat déiwem Respekt,

Tom Weidig

Tom Weidig
Deputéierten